

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2021


Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un d'Madamm Integratiounsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng Ufro Nummer 3691 vum 12. Mäerz 2018 huet d'Regierung erklärt, datt si zu dem Zäitpunkt net envisagéiert hätt, der Recommandatioun vum EU-Parlament nozekomme, fir e lëtzebuergeschen Antisemitismus-Koordinator ze ernennen.

- 1) Huet sech un dëser Positioun vun der Regierung no de Wahlen vun 2018 eppes geännert?
- 2) Falls net, firwat ass d'Regierung der Meenung datt Lëtzebuerg keen esou e Beoptraagte bräicht?
- 3) Wéi eng aner Länner an der EU hu schonn esou en Antisemitismus-Beoptraagten?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten